



Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 31. Mee 2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet weider ze leeden.

Säit 2019 gëtt et e Pilot-Projet bei der Police fir e méiglechen Asaz vu sougenannte Body Cams am Grand-Duché ze préiwen. Den deemolege Minister Etienne Schneider hat dëse Projet an d'Weeër geleet. Esou Kameraen déi d'Beamten um Kierper droen, hunn en duebelen Avantage: se stäerken engersäits de Schutz vun de Polizisten an anerersäits hëllef se d'Fakten ze klären an ze sécheren.

An engem Presse-Artikel vun haut war gewuer ze ginn datt momentan awer nach guer keng Body Cams am Asaz sinn, well de Pilot-Projet nach net esouwäit fortgeschratt wier.

An dësem Kontext géife mir gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

- Kann de Minister d'Informatiounen vun der Presse bestätegen?
- Wa jo, wou ass de Pilot-Projet elo no 2 Joer drun? Wat gouf konkret bis elo um Pilot-Projet geschafft?
- Wier d'Uschafe vun enger Rei Test-Body Cams nët en alleréischte sënnavolle Schrëtt an esou engem Projet?

Här President, mir bieden lech eisen déifste Respekt unzehuelen.

Laurent Mosar
Deputéierten

Léon Gloden
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

A
Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

Luxembourg, le **21 JUIN 2021**

**Objet : Question parlementaire n°4382 du 31 mai 2021 de Messieurs les Députés Laurent Mosar
et Léon Gloden concernant les Body Cams**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous
rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,



Henri KOX

Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 4382 vum 31. Mee 2021 vun den honorabelen Députéierten Laurent Mosar an Léon Gloden

Fir de Moment huet de Ministère eng Rei Analysen a Consultatiounen iwwert d'Benotzen vun den Bodycams virgesinn. De Pilot Projet besteet aus engem ganze Konzept fir deen ee legale Kader muss definéiert ginn. Héi gëllt et zum Beispill z'iwwerpräiwen op d'Benotzen vun de Bodycams am Aklang mat dem Datschutz ka stattfannen. Et muss ënnert anerem gekuckt gi wat d'Finalitéit vun de Kameraen ass, wéi de Bierger muss informéiert ginn, wéi d' Donnéeë déi opgeholl ginn stockéiert, traitéiert an och rëm geläscht musse ginn, wien Accès op déi Donnéeë dierf hunn, wéi d'Personal am Ëmgang mat deem naie Moyen muss forméiert ginn, asw. Wann d'Resultater vun dësen Analysen virleien, kann de Ministère déi néideg legal Basis finaliséieren fir de Pilotprojet an der Praxis ze lancéieren.

D'Body Cams ginn eréischt ugeschaaft wann déi legal Basis besteet fir dat de Pilot Projet och an der Praxis kann duerchgefouert ginn. Eischer mécht et kee Sënn scho Material ze kafe.